Fräi Tribün

Qualitéitskiller an eise Schoulen

D'Schoul ass en zentralt Thema, well mir an a mat der Schoul e bedeitenden Deel vun eiser Zukunft gestalten. Et geet jo ëm näischt anescht wéi ëm d'Zukunft vun deene Jonken, speziell ëm d'Virbereedung op d'Aarbechtswelt an op d'Liewen iwwerhaapt. Dofir ass et wichteg, datt d'Schoul qualitéitsorientéiert ass.

Wéi zu Réiden den Atert-Lycée opgoung, dunn ass eng nei Schoul entstan mat ënner anerem dem Zil, déi Jonk besser ze betreien, en differenzéierten Unterricht unzebidden, selbstännegt Schaffen ze förderen a kompetenzorientéiert ze bewäerten. Am Atert-Lycée ass den Enseignant net nëmme Formateur, hien ass och Beroder a Begleeder. De Lycée zu Réiden entwéckelt domat, wéi aner Schoulen och, eng pädagogesch Kultur, déi d'Qualitéit an de Mëttelpunkt stellt.

Eng qualitativ héichwäerteg Ausbildung gëtt leider all ze dacks a Fro gestallt. Zum Beispill duerch en iwwerdriwwene Mediekonsum. Dat ass nëmmen een ënner villen externe Qualitéitskiller, déi d'Leeschtungskraaft vun de Schüler aschränken. Familiär Problemer, Indifferenz vun den Elteren oder Mobbing, dat sinn aner Facteuren, déi d'Qualitéit an eise Schoule belaaschten. An deem Kontext erlabe Ganzdagsschoulen déi Jonk besser z'encadréieren.

All Schoul soll no engem Konzept funktionéieren, dat e gesond Aarbechtsklima erméiglecht an d'Elterenaarbecht souwéi d'Fortbildung vum Léierpersonal ënnerstëtzt. Dat ass och eng Exigenz, déi de Lycée vu Réiden huet. Dëst alles kann ouni e grousse finanziellen Opwand ereecht ginn. Hei geet et vill manner ëm Suen, wéi ëm Responsablitéiten, gudde Wëllen, Innovatioun, ëm ee Qualitéitsverständnes, dat de Léierprozess begënschtegt. Ouni e klort Konzept, ouni e präzist, motivéierend Leitbild, kann eng Schoulgemeinschaft an eng eidel Routine geroden, déi zum Qualitéitskiller gëtt.

D'Roll vum Enseignant ass och entscheedend. Seng Perséinlechkeet a seng Begeeschterung maachen aus, datt den Unterricht interessant, innovativ an domat qualitativ wäertvoll gëtt. Vill Enseignante ginn dëser Ufuerderung gerecht. Déi, déi sech méi schwéier dinn oder no Jorzengten Déngscht ausgebrannt sinn, déi, déi méi mat soziale Problemer wéi mat pädagogesch-didakteschen Erausfuerderungen ze dinn hunn, all déi Enseignante brauchen Hëllef. Duerch e Coaching kann hei e neien Dynamismus entstoen. Mir kënnen eis keng démotivéiert Enseignante leeschten. Och dat ass qualitéitsschiedegend.

De Schoulsystem reforméieren heescht also fir Qualitéit suergen. Eis Schoule mussen iwwersiichtlech bleiwen. Si mussen och ee Milieu sinn, wou eng Kultur vun der Zesummegehéieregkeet gefleegt gëtt, sozial Déngschter geleescht ginn, wou all Partner sech wuel fillen a sou méi leeschten.

D'Schoul soll jo keng Maschinn sinn, déi just op materiell Ziler ausgeriicht ass. Si huet de ganze Mënsch auszebilden a Wäert op d'Allgemengbildung ze leeën. Dat misst eigentlech de roude Fuedem vun all Schoulpolitik sinn.

› André Bauler, Ierpeldeng/Ettelbréck